N°2726
Entrée le 04.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.08.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 4. August 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

An Däitschland suergt de Fall vu sougenannte „Maschsee-Mörder“ fir medial Opmierksamkeet a gesellschaftlech Polemik. No senger virzäiteger Fräiloossung vun engem verurteelte Mäerder, vermaart hien seng Dot iwwert soziale Medien, an deem hien net nëmmen d'Dot beschreift, mee se deelweis och glorifizéiert.

Dëst Verhalen, dat virun allem fir d'Famill vum Affer eng nei psychesch Belaaschtung duerstellt, wërft déi fundamental Fro op, ob esou eng Selbstinzenéierung vu Gewalt- a Strofdoten nom Prisongsopenthalt och zu Lëtzebuerg méiglech wier.

An deem Zesummenhang wéilt ech dës Froe stellen:

1. Gëtt et an der Lëtzebuerger Gesetzgebung d'Mechanismen déi der ëffentlecher a kommerzieller Glorifizéierung vu Gewaltverbriechen duerch d'Täter selwer entgéintwierken?
2. Ginn et änlech Mesurë wéi „Surveillance de sûreté“ a Frankräich och hei zu Lëtzebuerg appliz éiert? Wa jo, wien ass virun allem dovunner betraff a wéi ass d'Prozedur an den Oflaf?
3. A wéi engem Mooss kënnen d'Verhalen oder ëffentlech Aussoe vu fréiere Gewaltverbriecher, déi ënner engem ausgeschwate Sursis stinn, iwwerwaacht a reegelméisseg bewäert ginn? A wéi eng restriktiv Moossname kënne bei Verstéiss ergraff ginn?

Mat déiwem Respekt,

Taina Bofferding

Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu